



erënnere drun, datt de Statsminister, hie selwer, virun enger Rei vu Jore gesot huet, datt d'Regierung géif Propositionen ausschaffen, fir eng aner Formel ze fanne fir d'Besetzung vum Conseil d'État.

An ech mengen, datt och déi leschte Kéier, wéi mer déi lescht Besetzung hei gemaach hunn, géif ech soen, praktesch vun der ganzer Opposition, ech mengen, souguer och d'Kolleege vun der DP hunn deemools gesot, si géifen net méi matstëmmen, wann net bis déi nächste Kéier wierklech d'Regierung zu hirem Wuert géif stoen an eng Reform do aleeden.

Mir musse bedauern, datt hei eng Koalitioun ass, eng Majoritéit, déi sech hei wierklech net un déi demokratesch Spillregelen, déi an engem Rechtsstaat nëmmen normal wieren, hält, datt mer och e Conseil d'État kriterien, dee wierklech no anere Kritären, méi demokratesche Kritäre sech géif zesummesetzen, deen och géif e Spigelbild erëmgv vun der politescher Zesummesetzung, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg kennen. An ech mengen, och eis Partei huet an deem Zesammenhang eng ganz Rei vu Propositionen gemaach, wéi esou eng Reform kéint ausgesinn, déi transparent wier, déi demokratesch wier, déi eng gerecht Opdeelung géif maachen.

Mir stelle fest, datt dat vun der politescher Majoritéit CSV an LSAP hei am Land net gewünscht ass. Hei soll et mat der sougenannter „Kameralrepublik“, mat deenen, déi um Pouvoir sinn, déi Posten ënner sech verdeelen, weitergoen. An et muss een och doriwwer mengen, datt dat dem Ugesi vun dem Conseil d'État sécherlech net zum Notze kënn, well déi Avisen, déi de Conseil d'État ofgëtt, sinn eben domat behaft, datt e groussen Deel vun der Populatioun hei am Land sech net kann domadder identifizéieren, well hir Meenungen an deem Gremium net mat vertruete sinn.

Duerfir, mengen ech, sollte mer higoen an als Chamber vläicht soen, mir schreiwen dee Posten elo vläicht net aus, mä mir diskutéiere fir d'éischt driwwer, wéi eng objektiv an demokratesch Besetzung vum Conseil d'État zustane géif kommen.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Gibéryen. Wann dozou soss keng Wuertmeldung ass, ginn ech awer dovun aus, datt den Ordre du jour esou akzeptéiert ass.

Da kéime mer och zum éischte Punkt vun eise Ordre du jour vun haut, nämlech dem Projet de loi 6403 iwwert d'Öffnungszäite vun de Geschäfte. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Weber, Bauler, Scheuer, Kox, Henckes an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6403 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 1995 réglant la fermeture des magasins de détail dans le commerce et l'artisanat

### Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

► **M. Lucien Clement** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi zu den Öffnungszäite vun de Geschäfte, deen ech lech elo virstellen, huet an de leschte Wochen a Méint fir méi oder wéineger vill an zum Deel och kontroversen Diskussioun gesuergt.

Ier ech elo awer op de Contenu aginn, wëll ech lech kuerz den Historique vum Projet presentéieren.

Den 29. Februar 2012 huet d'Mittelschmiedes, d'Françoise Hetto, de Projet elei an der Chamber déposéiert. D'Chambre des Salariés huet de Projet de 27. März aviséiert, d'Chambre de Commerce de 16. Abrëll an den Avis vun der Chambre des Métiers datéiert op den 18. Abrëll. De Statsrot huet säin éischten Avis den 12. Juni ofginn. De 27. Juni huet d'Kommissioun mech zum Rapporteur ernannt an och deen elo grad genannten Avis vum Statsrot zesumme mam Text vum Projet de loi analyséiert. An darselwechter Sitzung hu mir en Amendement ugeholl, deen den 3. Juli vum Statsrot aviséiert ginn ass. Ech kommen herno nach op dësen Amendement ze schwätzen.

Här President, no dësem kuerzen Iwwerbléck vun den Démarché kommen ech dann elo zum eigentlechen Inhalt vum Projet de loi. Et geet elei drëms, d'Loi modifiée vum 19. Juni '95 iwwert d'Öffnungszäite vun de Geschäfte ofzeänneren. Ech schwätzen elei bewusst vun den Öffnungszäiten, dat ass fir jiddwereen e

bësselche méi verständlech, obschonn den Intitulé vum Gesetz vum Projet de loi selwer vun de Fermetureszäite schwätzt.

De Projet gesäit eng punktuell Adaptatioun vir, an dat um bestehenden Text, deen d'Fermetureszäite vun de sougenannte Magasins de détail dans le commerce et l'artisanat regelt. Elei sollen d'Öffnungszäite fir d'Samschdeger a fir d'Deeg virun de Feierdeeg vun 18:00 op 19:00 Auer ausgedehnt ginn. Bei 18:00 Auer, also sechs Auer, bleift et fir d'Virowender vum Nationalfeierdag, vu Chrëschttag an och vun Neijoerschdag.

Den Text gesäit awer och vir, datt e Geschäft ënner gewëssene Konditiounen bis acht Auer kann op hunn. An dat war och de Sujet vum Amendement, deen d'Commission des Classes moyennes als Amendement parlementaire un de Conseil d'État geschéckt huet.

Datt e Geschäft autoriséiert gëtt, bis 20:00 Auer opzehunn, ass awer, ewéi virdrun erwähnt, u verschidde Konditiounen gebonnen. Et ass nëmme méiglech, vun dëser Heure supplémentaire ze profitéieren oder, besser gesot, dovunner Gebrauch ze maachen, wann d'Sozialpartner en Accord fannen am Kader vun engem Kollektivvertrag. Ass dat de Fall, zielt dat awer net fir déi annexe Geschäfte, déi an de Grandesurfaces Locataire sinn an déi hir Öffnungszäiten normalerweis laut Kontrakt un déi vun der Grande-surface upasse mussen.

Ech denken, datt dës Geschäfte an der Enceinte vun deem groussen Supermarché och net schrecklech drun interesséiert sinn, fir vun dëser supplementärer Stonn ze profitéieren. D'Demande, fir samschdes méi laang opzehunn, kum op jidde Fall net onbedéngt vun hinnen. Mat dësem Gesetz gëtt déi kontraktlech festgehalten Ouvertureszäit tëschent der Bedriewergesellschaft an de Propriétaires vun den annexe Geschäfte tëscht siwen an acht Auer suppriméiert.

Dernieft huet nom neien Text all Geschäft och d'Méiglechkeet, eemol am Joer eng sougenannten Nocturne virzugesinn. All Geschäft kann déi Derogatioun zu den normalen Ouvertureszäiten ufroen a seng Diere während maximal 24 Stonnen um Stéck ophalen. Also, wéi gesot, dat eng Kéier am Joer. Dat ass eng Fuerderung, déi schonn méi laang um Dësch läit an déi datéiert wahrscheinlech aus den Harry-Potter-Zäiten, wou verschidde Bicher oder verschiddenen Artikelen eréischt ab enger gewëssener Auerzäit hunn dierfe verkaf ginn. Haut dierfte mer esou Regelungen net méi beim Harry Potter onbedéngt fannen, mä am Internetberäich oder bei Handyen. Kucke mer emol, wéi dacks elei am Land vun dëser Nuetsregelung Gebrauch gemaach gëtt, nom Motto, deen éischten ass vir.

Här President, dat ass am Prinzip schonn alles, wat zum Contenu vum Projet ze soen ass. Ech hu virdrun awer schonn drop higewisen, datt dëst och e vill diskutéierte Sujet an deene leschte Wochen a Méint war. Duerfir wëll ech dann och nach op déi verschiddenen Aviséier vun de Chamberen agoen.

Ech fänken u mat der Chambre des Salariés. Si ass net averstane mam Text vum virleiende Projet de loi. Si ass generell géint eng Liberaliséierung vun den Öffnungszäite vun de Geschäfte mam Argument, datt d'Aarbechtskonditiounen an d'Familljeliewe vun de Salariés musse geschützt ginn. Dernieft freet d'CSL awer, fir de Fall, wou d'Aarbechtszäiten trotzdeem géife verlängert ginn, deen néidege finanziellen Ausgleich, fir d'Perte vun der Liewensqualitéit vun deene concernéierte Salariés auszegläichen. D'CSL regrettéiert an deem Zesammenhang, falls et zu enger Verlängerung vun den Öffnungszäite kënn, datt am Virfeld keng Etüd iwwert d'Konsequenzen op d'Ve familiäre gemaach ginn ass.

Des Weidere stellt d'CSL fest, datt et an dësem Beräich keng europäesch Règlementatioun zu den Öffnungszäite vun de Geschäfte gëtt, wat an hiren Aen op eng total Liberalisatioun kéint erauslafen, an dat wéi schonn gesot op Käschte vun de Salariés.

Zu gudder Lescht stellt d'CSL sech d'Fro, ob dëst Gesetz net géif op Drock vu verschiddene groussen Acteuren elei am Land kommen an dat zum Nodeel vun deene kleng méttelständeg Geschäfteleit wier.

Dann zum Avis vun der Chambre de Commerce. Si hirsäits ass der Meenung, datt eng generell Öffnungszäit bis acht Auer soll erlaabt ginn. D'Chambre de Commerce huet och eng Lescht mat den Öffnungszäite vun 30 Länner an Europa mat an hiren Avis drugehaangen, an elei muss ee feststellen, datt d'Majoritéit vun de Länner guer keng Restriktionen an den Öffnungszäite virgesinn, weder an der Woch nach samschdes.

D'Chambre de Commerce ass der Meenung, datt an där heiteger Zäit an an där heiteger Gesellschaft eng Demande do ass, datt d'Ge-

schäfte owes méi laang op hunn, an datt ee sech net soll géint dës Realitéit an dës Evolutioun vun der Gesellschaft stellen.

Eng weider interessant Statistik beleet, datt d'Äkafsverhale vun de Leit sech verännert huet. Mat dem Provisoire bis 20:00 Auer konnt ee feststellen, datt vill manner akaaft gëtt viru Mëtteg; zwësche Mëtteg an acht Auer geet d'Moyenne vum Chiffre d'affaires awer konstant an d'Luucht. D'Chambre de Commerce weist och op d'Tatsaach hin, an dat aus Konkurrenzgrënn, datt et am Internet 24 op 24 Stonne méiglech ass anzekafen.

D'Chambre de Commerce proposéiert dann och en Artikel am Text virzugesinn, dee festhält, datt d'Öffnungszäite via Règlement grand-ducal an nom Avis vum Statsrot an de Chambres professionnelles kéinte geännert ginn. Ausdrécklech begréisst gëtt d'Méiglechkeet vun der Nocturne, well dat d'Organisation vun e bësselche méi speziellen Evenementer erlaube géif.

Wat d'Liewensqualitéit vun de Salariés ugeet, esou féiert d'Chambre de Commerce eng Statistik un, déi soll weisen, datt duerch de Fait, datt d'Geschäfte och tëscht 18:00 an 20:00 Auer op hunn, d'Salariés am Laf vun deenen anere Stonne manner Stress hunn, wat deemno och da positiv ze gesi wär.

Positiv kann een och gesinn, datt, wann eng Iwwerstonn ufält oder déi ausgehandelt Augmentatioun vun deem Loun dū ass, de Salarié dann awer och d'Méiglechkeet huet, se net a Geld, mä a Fräizäit ze huelen, wat jo géif bedeuten, datt hien oder si méi Zäit u sech fir d'Famill respektiv fir d'Kanner hätt.

Dir gesitt, Här President, d'Meenungen a puncto Liewensqualitéit vun de Salariés gi wäit ausereneen, si souguer zum Deel diametral opposéiert.

Ech kommen dann nach zum drëtten Avis, dat ass dee vun der Chambre des Métiers. Si ass der Meenung, datt zousätzlech Ouvertureszäite positiv sinn, souwuel fir déi Professionell aus dem Secteur wéi och fir de Konsument. D'Chambre des Métiers ass och der Meenung, datt d'Salariés duerch de Code du Travail geschützt sinn a puncto Aarbechtszäiten a wöchentlech Ruhestonnen.

Des Weidere regrettéiert d'Chambre des Métiers nach, datt net vun der Geleeënheet profitéiert ginn ass, fir en Toiletteage juridique vum Gesetz vum 19. Juni '95 ze maachen. Si mengt domadder, datt verschidde Montanten nach a Lëtzeburger Frangen ugefouert sinn an dat och nach vun Employéé Rieds geet an net vu Salariés. Mir kruten an der Kommissioun awer matgedeelt, datt dat iwwer horizontal Gesetzer geregelt wier an deemno net an all Gesetz extra mentionnéiert misst ginn.

Dann elo zum leschten Avis. Dat ass dee vum Statsrot, wat jo net deen onwichtigsten ass. Déi héich Kierperschaft ass der Meenung, datt eis Gesetzgebung quasi contraire ass zu der Demande vum Konsument an och net mat der Entwécklung an eisen direkten Nopeschlänner mathale kann. Hie weist dann och dorops hin, datt déi lëtzebuergesch Geschäfte an direkter Konkurrenz mat dem noen Ausland sinn, wou d'Öffnungszäite wesentlech méi liberal gehandelt gi wéi elei zu Lëtzebuerg. De Statsrot ass also eendeitig fir eng Verlängerung vun den Ouvertureszäiten a mengt souguer, datt de Projet net wäit genuch géif goen.

De Conseil d'État weist dann och nach drops hin, datt d'Dispositionen aus dem Droit du travail keen Obstacel dierfte si fir eng Verlängerung vun den Öffnungszäiten, an ech zitieren dofir de Conseil d'État: «Il faut tout d'abord constater que la journée de travail normale s'étend de 6 heures à 22 heures selon l'article L. 211-14 du Code du Travail.» Och de Problem vun den Iwwerstonne wier hei gesetzlech geregelt an de Recours systématique zu Iwwerstonnen esou oder esou net erlaabt.

Des Weidere schreift de Conseil d'État, datt déi virgesinne Verlängerung vun den Öffnungszäiten 1,75 Postes de travail par jour d'ouverture géife bréngen, deen heite System 1,25 Postes de travail. Also kann een och dervun ausgoen, datt dat heite Gesetz sech och positiv op den Aarbechtsmaart auswierke misst.

Wat elo deen zweeten Avis vum Statsrot ugeet, deen iwwert den Amendement, sinn d'Remarqués méi oder wéineger déiselwecht wéi am éischten Avis. De Statsrot huet awer seng Problemer mam Accord salarial, an ech zitieren duerfir nach eng Kéier aus dem Avis complémentaire: «Exiger un accord salarial spécial pour une heure de travail, qui n'est pas nécessairement une heure de travail supplémentaire, n'est pas conforme à l'article précité. Par ailleurs, il n'appartient pas au législateur de s'introduire de cette façon dans l'autonomie des partenaires sociaux, ni de faire dépendre son choix d'un accord salarial. Le Conseil d'État propose la suppression de cette condition.»

Mir hunn awer an der Classe-moyennes-Kommissioun decidéiert, datt mer géife bei eise ursprénglechen Text vum Amendement bleiwen an de Conseil d'État an dësem Fall net suivéieren. Trotz deene verschiddene Remarquen an e puer textuelle Propositionen - déi d'Kommissioun ugeholl huet - huet de Statsrot säin Accord awer zu dësem Projet ginn.

Dir gesitt, Här President, och d'Avisé spigelen also déi kontrovers Diskussioun an der Gesellschaft erëm. Ech denken, datt deen Text, wéi mir en elo elei hunn a wéi d'Commission des Classes moyennes en och proposéiert, eng gutt Léisung ass, eng Léisung, déi e gerechten Équilibrium schafft an dee souwuel der Demande vun deenen enge Rechnung dréit, mä och de Crainté vun deenen aneren nokënn.

Ech soe fir mäin Deel Merci fir d'Nolauschteren, hoffen, datt de Projet eng grouss Majoritéit heibanne kritt a gi selbstverständlech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Clement. Als éischte Riedner ass den Här Robert Weber agedroen. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Robert Weber** (CSV).- Merci, Här President. Zu deem Projet de loi hei sinn eng ganz Partie och kritesch Wieder ze soen. Ech géif fir d'éischt dem Lucien Clement awer gare Merci soe fir deen neutrale Rapport, deen e gemaach huet iwwert dee Projet de loi an iwwer all déi Viraarbechten, déi gelescht gi sinn, an ech mengen, et ass och ganz positiv gewiescht, datt en d'Avisé vun de Chambres professionnelles elo kuerzgefaasst huet, well déi e wéineg d'Spigelbild sinn och vun enger Situatioun, déi mer aktuell an der Sozialpartnerschaft erliewen.

Op där anerer Säit gëtt et awer sécherlech och eng ganz Partie Problemer mat deem Projet de loi. Ech géif fir d'éischt gären ufänken, de Commerce selwer - well dat sech jo haaptsächlech op de Commerce bezitt -, de Commerce selwer, dat ass e Bëlleglounsecteur. D'Personal, wat an deem Secteur schafft, ass haaptsächlech manner qualifizéiert; et kënn aus sozial schwiege Verhältnissen eraus. Virun allem schaffen an deem Secteur Fraen, déi elengerzéiend sinn, déi gescheet sinn, déi Zweetverdénger sinn, déi also, kann ee résuméiert soen, op eng Aarbecht ugewise sinn.

Bal néierens an iergendengem anere Secteur ass d'Gefor esou grouss, an d'Aarmut ze falen, wéi wann een am Commerce schafft an do seng Aarbecht dann och verléiert. D'Gewerkschaften selwer, déi schaffen zënter méi wéi dräi Joréngten an dësem Secteur fir sozial Aarbechtskonditiounen, fir eng anstänneg Pai a fir normal Aarbechtszäiten. A kengem Wirtschaftszweig ass d'Schéier tëschent dem Verdéngscht vum Arbeitgeber an deem vum Arbeitnehmer esou krass wéi am Commerce.

Dat Ganzt mat den Aarbechtszäiten huet ugefaangen - an dat wollt ech eng Kéier kuerz och an Erënnung ruffen -, dat war ausgangs den 90er Jore mam POT, dat ass de Plan d'organisation du travail, deen definéiert ginn ass. Duerno hu mer Diskussiounen iwwert d'Sonndesaarbecht gehat, duerno koumen d'Virdeeg vun de Feierdeeg, an duerno koum de laange Samschdeg bis 20:00 Auer, dee schlussendlech doranner gegipfelt huet, dass d'Geschäfte d'Erlaubnes kritt hunn, samschdes bis 19:00 Auer emol opzemaachen, fir dann och d'Expérience vun deem sougenannte laange Samschdeg ze maachen. Et goufen Diskussiounen och iwwert d'Virowender vu Chrëschttag a vu Silvester, an och do muss ech soen, dass dat ganz schwiege Diskussioun waren.

Wann et am Ufank och nach Accordé gouf tëschent de Sozialpartner fir sechs Sonndeger am Joer opzehunn, esou waren dës Accordé limitéiert op déi grouss Surfaces.

Awer séier war och d'Zäit vun den Accorden tëschent de Sozialpartner eriwuer. D'Patronen hunn eng grouss Lobby-Aarbecht gemaach, an déi grouss Fro vun der absoluter Liberaliséierung - si ass jo och vum Clement's Luss, vum Rapporteur hei ugeschwat ginn -, déi grouss Fro vun der absoluter Liberaliséierung stoung am Raum géigeniwwer enger Fuerderung, de soziale Volet ze reglementéieren.

D'Arbeitnehmer, an dat muss een objektiv och feststellen, d'Arbeitnehmer oder d'Salariés am Commerce sinn dee schwache Sozialpartner. Si brauchen also, ganz kloer, politesch Ennerstëtzung. De Commerce ass e Mindestlounsecteur. D'Aarbechtskonditiounen si ganz einfach schwiege. Dat ass eng Realitéit, dat soen d'Leit am Betrib, dat brauchen d'Berufschamberen net kontrovers duerstellen; et brauch ee sech nëmme mat de Leit ze ënnerhalen, déi an deem Beräich schaffen. A fir d'Vereenbarkeet fir d'Famill an Aarbecht ze maachen, ass eng ganz schwiege Situatioun.





Am Commerce ass nach vill Aarbecht, fir anstänneg Aarbechtsplazen an anstänneg Aarbechtszäiten ze maachen. Eng Fermeture samschdes op 19:00 Auer heescht net, dass d'Personal um 19:00 Auer kann heemgoen, mä dat heescht, dass de leschte Client um 19:00 Auer an d'Geschäft kann eragoen. An do gött et ganz oft zousätzlech eng Stonn, bis dass d'Personal dann och selwer kann heemgoen, mindestens eng Stonn, bis dass se können heemgoen, soudass de Samschdeg u sech fir si e ganz laange Samschdeg gött an domat och praktesch ofgeschlossen ass.

Am Commerce ass och nach ganz vill fir anstänneg Paien ze maachen. Et ass, wéi ech gesot hunn, e Mindestlounsecteur, an ech mengen, de Mindestloun ass an eisen Aen en Astiegsoun an et ass net e Liewensloun.

An drëttens oder véiertens, d'Sozialpartnerschaft misst an deem Secteur besser funktionéieren, an ech géif vun dëser Plaz aus e waarmen Appel un d'Sozialpartner riichten, fir dass och schlussendlech dee Sozialdialog - net nëmmen an dësem Secteur, mä haaptsächlech, well mer dat haut diskutéieren, an dësem Secteur - géif besser funktionéieren.

Mir brauche méi Kollektivverträge. Et mussen also méi Kollektivvertrag verhandelt ginn, fir dass mer souwuel d'Aarbechtszäite wéi och d'Aarbechtskonditiounen wéi och d'Entscheidung vun de Leit, d'Salären also, kënnen verhandelen opgrond vun de Konditiounen, vun den ekonomeschen a soziale Konditiounen, déi et an deene jeeweilege Geschäfte gëtt.

Ech kennen och ganz vill Geschäftsleit, déi op si fir sozial Iwwerleeungen, an duerfir sinn ech frou, dass och dat e Secteur ass, wou et net nëmmen där Hardliner gött, mä wou et sécherlech och eng ganz Partie Leit gött, déi sech ëm hiert Personal Suerge maachen a sech ëm hiert Personal këmmen. An ech hoffen och op déi Leit, dass déi mathëllefen, dass dee sozialen Dialog, deen u sech misst stattfannen, och ugekuerbelt gött an dass en zu Léisungen an deem Beräich hei féiert.

Ech mengen, et kann een hei schlussfolgeren, e weéneg wéi de Rapporteur et och gemaach huet: D'Glas ass hallef eidel oder d'Glas ass hallef voll. Ech hunn duerch déi laang Joren, wou ech och an d'Sozialpartnerschaft a menger beruflecher Carrière agebonne war, geléiert, och e gewëssent Vertrauen an e gewëssenen Optimismus an déi Sozialpartnerschaft eranzebréngen. An och wa se haut an der Kris ass, mengen ech, soll een deen Optimismus net opginn. D'Sozialpartnerschaft ass och duerch Krisen, déi se an der Vergaangenheet kannt huet, gaangen an huet ëmmer erëm zoueneefonnt an huet leschten Enns a Léisungen am Sënn vun de Leit respektiv am Sënn vun de Betriber respektiv am Sënn vun dem Land fonnt.

Ech géif fir mäin Deel soen, dass ech mer d'Fräiheet huelen, an engem Joer e Bilan ze maachen, wat eigentlech mat deem Gesetz hei geschitt ass, wéi wäit dass déi Sozialpartnerschaft evolueiert ass, wéi wäit dass Kollektivverträge ofgehandelt gi sinn, déi owes bis 20:00 Auer ginn, oder iwwerhaapt zousätzlech Kollektivverträge bäikommen, wéi wäit dass iwwerhaapt eng Demande vun de Geschäfte do war, fir owes bis 20:00 Auer opzehunn.

Ech stëmmen dat Gesetz. Mir hu schlussendlech och an der Regierungserklärung festgehalten, dass mer géifen eng Extensioun vun den Ouvertureszäite maachen. Ech stëmmen et awer net onbedéngt mat enger grousser Freed.

Wa virdu gesot ginn ass, d'Liberaliséierung hätt och Konsequenze fir d'Aarbechtskonditiounen, da muss ech soen, dass dat fromm Wieder sinn. D'Liberaliséierung huet sécherlech keng positiv Konsequenze fir d'Aarbechtskonditiounen vun de Leit an de Betriber.

Mir hunn an deene leschten zwee Jorzéngten an Europa extrem vill liberaliséiert. Mir hunn eis Aarbechtsrechter a ganz ville Länner zerschloen. Mir hu se liberaliséiert, fräi gemaach, mir hu Kënnegungsschutz opgehewen. D'Resultat dovun ass, dass an all deene Länner de Chômage net manner grouss ass wéi an eise Land, wann net souguer nach vill méi grouss ass, an dass déi Liberaliséierung leschten Enns all déi erhoffte Resultater iwwerhaapt net bruecht huet.

Erlaabt mer zum Schluss nach e Wuert zum Conseil d'État ze soen: Et ass jo ganz interessant, all déi Theorië vum Conseil d'État ze liesen. Mä ech hätt léiwer, de Conseil d'État, dee géif manner Politik maachen an e géif sech méi mat der Sachlechkeet vun de Projets de loi beschäftegen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Weber. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Ech soe fir d'éischt dem Rapporteur, dem honorable Lucien Clement, Merci fir säin ausféierlechen a prezise Rapport zu dësem Projet de loi.

Dir Dammen an Dir Hären, eng Feststellung vum Statsrot zu dësem Projet de loi ass déi, dass de Client verlaangt, dass d'Geschäfte sech sengem Liewensrhythmus upassen.

Déi aner Feststellung vum Conseil d'État ass Folgend - ech zitieren de Conseil d'État -: «Un regard sur l'évolution de la législation concernant les heures d'ouverture montre que malgré le changement de mentalité du consommateur et la pratique des commerces des pays limitrophes, notre législation semble aller en sens opposé.»

Déi Bemierkunge vum Conseil d'État bréngen d'Saach also op de Punkt. Éischtens hunn d'Geschäfte net d'Méiglechkeet, fir sech dem Liewensrhythmus vun de Leit unzepassen, an zweetens hunn hir direkt Konkurrenten a Frankräich oder an Däitschland méi Méiglechkeeten, fir dem Konsument entgéintzekommen. Dat erkläert ënner anerem, firwat weiderhi vill Lëtzebuerger och déi aner Säit vun der Grenz akafen.

A Frankräich gött et keng Législatioun iwwert d'Öffnungszäiten. An der Belsch sinn d'Geschäfte bis aacht Auer owes op an an der Woch, ausser freides, well do geet et bis néng Auer. A Rheinland-Pfalz bleiwe se awer bis zéng Auer owes op, souwuel an der Woch wéi och samschdes.

Schonn 2006 hat den Här Statsminister deklaréiert alles drunzesetzen, fir Lëtzebuerg zum Akafszentrum an der Groussregioun ze maachen. D'Législatioun an eisen Nopeschlänner ass méi flexibel. Dat weist eemol méi, dass eis eege Législatioun den Ambitiounen vun eise Här Statsminister net gerecht ka ginn. Den Avis vum Statsrot ënnersträicht dat jo och. An et ass och net am Sënn vun där Lanz, déi den Här Statsminister beim leschten État de la nation, dësen 8. Mee, fir d'Tourismusbranche gebrach huet, wou hie sot..., wou hien notament sot, ech zitieren den Här Statsminister: „Et gött, Här President, ee Secteur vun eiser nationaler Wirtschaft, dee mir ze vill dacks ënnerbelicht loosse, dass ass de Secteur vum Tourismus.“ An den Här Statsminister sot weider: „Mir wäerten an deenen nächste Jore verstärkt op de Geschäfts- a Kongresstourismus setzen, deen haut scho 60% vun den Iwwernuechtungen hei am Land ausmécht. Hei stieche Wuesstumspöschchen, déi mer mussen exploitéieren.“

Elo muss ech lech soen, dass d'Demokratesch Partei awer tëscht der Ambition affichée vum Här Statsminister an deem, wat finalement erfollegt, eng gewëssen Diskrepanz gesäit. De Kongresstourismus, oder och nach den Tourismus d'affaires op Nei-Lëtzebuergesch, verlaangt nämlech nieft der kultureller Offer och adequat Öffnungszäite vun de Geschäfte, déi et de Leit dann och erlaben, no enger Konferenz oder enger Réunioun akafen ze goen. Wann d'Geschäfte owes oder de Weekend eppes méi laang op sinn, dann dréit dat ouni Zweifel zur Attraktivitéit vum Kongressstanduert bäi.

Mä elo, onofhängeg vun deene Considérations, wëll ech och ënnersträichen, dass ee sech muss bewusst sinn, dass eis aktuell Gesetzgebung e puer Widerspréch huet.

Den éischte Widerspruch, op deen een am Gesetz vum 19. Juni 1995 stéisst, ass dee vun den Derogatiounen pour raisons économiques majeures. Eng Gemeng oder ee Geschäftsverband kennen iwwert dee Wee eng Derogatioun ufroen, fir zum Beispill sonndes dierfen d'Geschäfte opzemaachen. Eng Stad am Land, déi fir hiren Tourismus bekannt ass, ass lechter nach. Iechternach huet déi Derogatioun zënter Joren - dat ass absolut ze begrëssen. Et versteet ee just net esou richtig, inwiefern eis Hauptstadt oder aner Stied dem Abteistiedchen an eppes mussen nostoen.

Jo, eis Hauptstadt huet elo eng Derogatioun kritt, fir bis September all drëtte Sonndeg am Mount hir Geschäfte opmaachen ze kënnen. Doriwwer si mir och ganz zefridden. Mä firwat gött et sech esou schwéier gemaach? Fir déi ganz Prozedur ze durchlafen, fir déi Autorisatioun ze kréien, wier e Parcours du combattant, gött eis gesot.

Wann een also eng Initiativ wëllt weisen, da gött een direkt duerch administrativ Hürde gebremst.

Wann ech mech richtig erënneren, wollt den Här Statsminister sech dem Dossier och nach unhuelen. Firwat net einfach de Geschäftsleit de fräie Choix loosse an hinnen et, zesumme mat hirem Personal, an der jeeweileger Stad iwwerloossen, wéini si wëllen opmaachen, dëst mat Campagnen an Animatiounen, amplat hiren Initiativgeescht spierbar ze bremsen?

E weidere Widerspruch ass dann deen, an ech hunn et schonns hei ervirgehuewen, dass d'Leit gäre méi Flexibilitéit hätten. D'Leit wëllen net vun der Aarbecht mussen hetzen, fir akafen ze goen. D'Ufuhrerunge fir d'Leit ginn op der Aarbecht ëmmer méi grouss a si mussen och do flexibel sinn, fir och emol méi laang ze schaffen. Déiselwecht Flexibilitéit verlaange se och vun de Geschäfte. Si wëllen op hirem Weekend och aner Saache kënnen maachen, wéi do fir déi ganz Woch mussen akafen ze goen. Mä si wëllen akafe goen, wa si alles dat gemaach hunn, wourobber se Loscht haten a fir dat si soss keng Zäit hunn.

Do dierfe mer och net den Impakt vum elektronischen Handel iwwersinn. Et ass natierlech eng Tatsaach, dass d'Leit zum Beispill hir Kleeder léiwer an engem Geschäft gesinn, upaken an umoossen, wéi se iwwert den Internet ze bestellen. Och dowéinst wier et richtig, dass een de Geschäfte, virun allem deene méi kleng Geschäfte, d'Méiglechkeet gött, hir Öffnungszäiten un d'Bedürfnisse vun hire Clienten unzepassen, déi no Feierend gäre géifen akafen. Geschitt dat net, da geet e ganzen Deel vun der Kafkraaft laanscht eis kleng Betriber, well d'Konsumenten iwwer Internet bestelle mussen, well se soss kee Choix hunn.

Wéi gesot, dëse Projet de loi, mat deene lichte Aménagementen, déi solle geschéien, geet eis als Demokratesch Partei net wäit genuch. A mir hu jo awer Studien, déi beleeden, dass d'Leit méi Flexibilitéit wëllen.

Aus engem Sondage vum TNS ILReS vum Juni 2008, dee bei Leit vu 15 Joer a méi gemaach gouf, geet ervir, dass si wëllen, dass samschdes d'Geschäfte no sechs Auer nach ophunn. 32% vun de Jonke vu manner wéi 25 Joer wëllen dat. 40% vun de Studenten. 34% vun den ausländeschen Konsumenten. 38% vun de Leit, déi an der Stad wunnen.

Här President, ech muss lech soen, dass hei d'Zeeche vun der Zäit verkannt ginn. Hei gött net nëmmen de Leit hire Besoinen net Rechnung gedroen, mä och gött mat zweeërlee Mooss gefuer a puncto Derogatiounen. An déi eng Stonn weider samschdes a virun de Feierdeeg, an déi Méiglechkeet iwwer Amendement, fir am Fall vun engem Accord tëscht der Sozialpartner, fir da gracieusement bis aacht Auer owes dierfen d'Geschäfte opzemaachen, bréngt de Buttek, wann ech mer deen Ausdrock erlaben dierf, net weider. Déi Nocturne eemol am Joer hëlleft dem Buttek iwwregens och net!

Eis Gesetzgebung ass vereelt, eisen Zäiten net ugepasst a si ass och net gerecht.

D'Demokratesch Partei trëtt säit Jore fir fräi Öffnungszäiten an. Mir si fest dovunner iwwerzeegt, dass mir de Geschäftsleit an hirem Personal de Choix solle loosse, wéini si wëllen ophunn a wéini net.

An ech soen och direkt, dass dat en aucun cas bedeite wëllt, dass d'Aarbechtsrecht doduerjer d'une quelconque manière ënnerhillecht gött. An alle Fäll géllt ëmmer dat geltend Aarbechtsrecht, ob dat an deene Plagen tëscht sechs Auer moies an zéng Auer owes ass oder duerno, wann et an d'Nuetsaarbecht erageet. An alle Fäll hu mir eng Législatioun. Déi ass gutt an déi léisst keen Zweifel drun, dass d'Aarbechtskonditiounen vun de Leit oder hir Rémunéatioun net esou kéinten agehale ginn, wéi de Législateur dat festgehalten huet.

Wéi den Här Statsminister am État de la nation dat Beispill ginn huet vun der Tourismusbranche, dunn huet en dat och mam Hiweis op eis wirtschaftlech Situatioun gemaach.

En huet et schonns 2006 bei senger Ausso zum Akafszentrum vun der Groussregioun gemaach, wéi e sot: „Mir mussen eis bewegen, ëm all däitschen, belschen a franséische Client kämpfen, gutt Präisser ubidden, en Tram duerch d'Stad fuere loosse, frëndlech sinn am Geschäft an op der Strooss. Déi Zäiten, wou d'Kéi am Himmel gefriess hunn...“ - ech zitieren den Här Statsminister! - „Déi Zäiten, wou d'Kéi am Himmel gefriess hunn an hir Mëllech zu Lëtzebuerg ginn hunn, déi sinn definitiv eriwuer.“ Souwäit eise Premierminister. An do ware mir nach zwee Joer virun der Finanz- a Wirtschaftskris ewech. Mir wëssen all, dass zënterhier d'Situatioun net besser ginn ass.

D'Chambre de Commerce seet an hirem Avis zu dësem Projet de loi, ech zitieren: «L'heure de fermeture retardée ne fait non plus augmenter la durée de travail, mais implique uniquement un changement du programme de travail. L'élargissement des créneaux horaires conduit dès lors à la création de postes supplémentaires dans le commerce, ce qui devrait être un argument phare en présence d'un taux de chômage de l'ordre de 5,9%.»

Wa mir d'Öffnungszäite flexibiliséieren, dann huet dat och als Konsequenz, dass Aarbechtsplaze kënnen geschafe ginn. A mir wëssen all, dass ee groussen Deel vun deene Leit, déi keng

Aarbecht méi hunn an déi eng sichen, därer sinn, déi bal keng Formatioun hunn. Déi Leit kënnen d'Chance kréien, an deem Secteur eng Plaz ze fannen. Et dierf een also e Plus u Flexibilitéit net vu vireran als eppes Negatives gesinn.

Méi Souplesse bedeit och, dass mer méi Chancen schafen, fir Leit, déi vu Chômage betraff sinn, a Brout an an Aarbecht ze bréngen, an dat, wuel gemierkt, am Respekt vun eise geltenden Aarbechtsrecht.

A genau esou wéi d'Chambre de Commerce dat seet, menge mir och, dass wann d'Geschäfte méi laang ophunn, dass dat net onbedéngt op d'Käschte vun de Leit geet, déi do schaffen.

Wann d'Geschäfte de Choix hunn eemol erauszefannen, wéini si déi meeschte Clienten hunn, an et stellt sech eraus, dass dat éischter no sechs Auer owes ass wéi mueres um hallwer néng, dat ka jo eng Konsequenz dovunner sinn, dass d'Geschäfte méi spéit opmaachen.

Dat huet erëm zur Konsequenz, dass d'Salariée sech, deemno vu wou se kommen, net mueres an aller Hergottsfréi mussen op de Wee maachen an am Stau op der Diddelenger oder soss enger Autobunn stinn, fir schaffen ze goen. A wann een de Weekend geschafft huet, huet et jo och op sech, dass een an der Woch e Jour de repos huet, ee Roudag huet. Och dat kann deen een oder aneren arrangéieren, och a grad am Interessi vun der Famill a besonnesch de Kanner, wou d'Mamm dann dënschdes oder donneschdes nomëttes doheim ass. D'Madame Hetto - se huet et eng Kéier an enger Kommissioun gesot - kennt dat aus hirem eegener Erfahrung, wéi si nach bei RTL geschafft huet.

Dir gesitt, Här President, et ass och wäit net alles esou dramatesch fir d'Salariée, wéi dat op muncher Plaz behaupt gött.

A compte tenu vun all deem, wat ech elo gesot hunn, géif ech da gären den Här Statsminister beim Wuert huelen, wou e sot, mir misste kämpfen, mir missten eis eppes afale loosse.

Da gitt de Leit, de Geschäfte an dem Land d'Mëttel fir ze kämpfen. Loosst dës Proposition de loi iwwert d'Liberaliséierung vun de Geschäftszäiten, déi ech elo hei déposiere wäert, vun Ärer Majoritéit stëmmen.

Mir musse resolut nei Weeër goe wat d'Entwécklung vun eiser Ekonomie ubelaangt. Mir wëssen et alleguer heibannen. Mir musse konsequent d'Kaart vum „first mover advantage“ ausspillen. Dëst ass ee vun de Momenter, wou een esou eng Geleeënheet huet a wou een dës Geleeënheet och net dierf verpassen.

Här President, ech géif lech dann d'Proposition de loi iwwerreechen.

## 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. André Bauler

6450 - Proposition de loi - portant abrogation de la loi modifiée du 19 juin 1995 réglant la fermeture des magasins de détail dans le commerce et l'artisanat; - portant abrogation de l'article XIV de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998

Si gesäit vir, dass Gesetz vum 19. Juni 1995 iwwert d'Fermeture des magasins de détail dans le commerce et l'artisanat ofzeschaffen. Domadder wieren d'Öffnungszäite flexibiliséiert, liberaliséiert.

## 7. 6403 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 juin 1995 réglant la fermeture des magasins de détail dans le commerce et l'artisanat (suite)

### Discussion générale (suite)

Et versteet sech vum selwen, dass meng Fraktioun géint dëse Projet de loi stëmmt, well en hir eben, wéi mer dat schonns an der Kommissioun och gesot hunn, net wäit genuch geet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bauler an den nächste Riedner... Den Här Weber wëllt nach eng kleng Fro stellen.

► **M. Robert Weber (CSV).**- Ech wollt dem Här Bauler u sech eng Fro stellen. A sengen Ausféierungen huet en u sech drop higewisen, wéi an eisen Nopeschgrenzgebiddern d'Ouvertures- oder d'Fermetureszäite sinn. En huet